LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre de la Défense

Luxembourg, le 15 OCT. 2020

Dossier suivi par:
Alex RIECHERT
Tél.: 247-82831
E-mail: alex.riechert@mae.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

**L-2450 LUXEMBOURG**

REÇU
Par Alff Christian , 08:29, 16/10/2020

n. réf.: A37.1140.20

**Objet : Question parlementaire n°2858**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de mes sentiments très distingués.

François Bausch
Ministre de la Défense



Adresse postale:
L-1144 Luxembourg

Bureaux:
6, rue de l'ancien Athénée

www.mae.lu

www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

**Réponse commune de Monsieur le Ministre de la Défense et de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 2858 du 18 septembre 2020 des honorables Députés Fernand Kartheiser et Jeff Engelen au sujet de « Hôpital militaire »**

De "Projet de médecine militaire et de catastrophe" ass am Kontext vun den Attentater vun 2015 a 2016 zu Paräis, Bréissel a Berlin entstan an huet op engem duebele Constat berout:

- op der enger Säit eng Nofro vun der NATO no Moyenen am medezinesche Beräich, an domadder verbonnen der Méiglechkeet den "éffort de défense" vu Lëtzebuerg z'erhéijen,
- anerersäits de Wëllen d'national Kapazitéite fir medezinesch Versuergung am Fall vun engem Virfall mat Masseverletzten ("mass-casualty incident") ze verbesseren.

De Regierungsrot vum 30. Juni 2017 huet d'Iddi vun engem globale Konzept fir de « Projet de médecine militaire et de catastrophe » validéiert.

Vu deem Moment un a wärend 3 Joer haten d'Direction de la Défense an de Gesondheetsministère Gespréicher mat Vertrieder aus de Beräicher vun der bannenzeger Sécherheet an der Gesondheet fir un deem Projet ze schaffen: de 4 Groupes hospitaliers (Centre Hospitalier du Nord, Centre Hospitalier Emile Mayrisch, Centre Hospitalier de Luxembourg, Hopitaux Robert Schuman), dem Laboratoire National de Santé (LNS), dem Luxembourg Institute of Health (LIH), der Arméi, dem Haut-Commissariat à la Protection Nationale (HCPN), dem Corps Grand-Ducal d'Incendie et de Secours (CGDIS), dem Health Cluster an der AMMD.

Un Hand vun dëse Gespréicher gouf däitlech dass de Projet sech op de Bau vun enger Infrastruktur, där hier Käschten onbedéngt als "Effort de défense" missten ugerechent ginn, baséiere sollt. En Appel à projet fir e « Militärspidol » gouf un déi 4 Groupes hospitaliers adresséiert. De Projet vum Centre Hospitalier Emile Mayrisch (CHEM) gouf doropshi vu militäreschen a medezineschen Experten ausgewielt.

De Regierungsrot vum 28. September 2018 huet déi lafend Entwécklung vum Projet bestätegt an de CHEM als privilegiéierte Partner vun der Défense designéiert fir de Projet z'entwéckelen. Zu deem Zweck hunn d'Direction de la Défense an de CHEM den 8. Juli 2019 e Kooperatiounsofkommes fir d'Ëmsetze vum Projet ënnerschriwwen.

E Basis-Konzept gouf erstallt:

- E "Major Incident Hospital" soll opgebaut ginn. Dëst "Militärspidol" wier e "Pufferspidol" fir d'Versuergung vu Patienten, zivil oder alliéierte Militär, dat just am Fall vun enger schwéierer sanitärer Kris zum Asaz kéim. Dës Infrastruktur kéint deemno net um Terrain deployéiert ginn.
- A Net-Krisenzäite kéint d'medezinesch Fakultéit vun der Uni Lëtzebuerg an der Infrastruktur schaffen. De Konzept gesäit keng Unisklinik fir Patienten ze behandele vir, mee en Zenter mat enger medezinesch-universitärer Ausbildung (praktesch Coursen, mat konkreter Simulatioun, fir Studenten, "Professions de Santé" an Dokteren) a Fuerschung iwwer medezinesch Roboteren an Telemedezin.

Dëse Projet, deen zesumme mat de consultéierte Partner erstallt gouf, gouf den 23. Juli 2020 dem Regierungsrot virgeluecht, deen d'Direction de la Défense autoriséiert huet eng Étude de faisabilité vum Projet an Zesummenaarbecht mat de verschiddene Partner ze lancéieren.

Am Ament gëtt en Aarbechtsgrupp mat Vertrieder vum Gesondheets-, dem Wirtschafts- an dem Inneministère, der Direction de la Défense, dem HCPN an der Arméi zesummegestallt fir en Appel d'offre fir déi besoten Étude de faisabilité auszeschaffen.

Am aktuellen Entwécklungsstadium gesäit de Projet keng konkret Bedeelegung vu Personal vun der Arméi an och keng direkt Zesummenaarbecht mat der NSPA vir. Dës Aspekter kéinten awer am Kontext vun der Étude de faisabilité verdéift ginn.